

Diddeléng an schwéerer ZäitD'Geschicht vun der Lëtzebuerger Jugend am 2te Weltkriich

Animateur : Héi ass Radio Diddeléng op 103,9

Mir bréngen elo déi zwéit Folleg aus enger Rei vu Sendungen iwert d'Geschicht vun der Lëtzebuerger Jugend am 2te Weltkriich.

Des Sendungen kommen all ^{Arbeits} um ^{8'} Auer.

Bei eis am Studio och haut den Här Jos Weirich National Präsident vun den Zwangsrekrutierten an och Präsident vun der Diddelénger Sektoun an den Här Jos Benoit, Secrétär vun der Amicale vun den edf Diddeléng.

Här Weirich, an der éischer Emissioun hu mir drunn erönnert wéi et zum éischen Weltkriich kum a Vergleicher mat haut gezunn. Wéll behaupt gëtt datt schon mat de Folgen vum 1. Weltkriich den 2te virprogramméiert war, wär et ubruecht des Behauptung emol ze analiséieren.

Weirich : Effektiv streiden Historiker a Geschichts-Analitikker nët of, dass duerch eng Rei vu Fehler, oder falsch Aschätzungen, vun den Alliéierten den 2. te Weltkonflikt huet misse kommen.

^{Wann a Weltkriich} Errönnere mir kurz un déi wichtegst Fäien ^{während dem} am Laaf vum Kriich, also tëschend 1914 an 1918 :

A Russland muss den Zar Nikolaus den 2ten am Laaf vun der Märzrevolutioun 1917 ofdanken. Am Oktober reissen Bolschévisten ënnert dem Lenin an dem Trozki d'Muecht u sèch an den 3te März 1918 schleisst Deutschland mat Russland Frieden. Trotz Protest mussen d'Russen op die baltesch Republiken verzichten esou wéi och op Finnland an d'Ukrain déi selbstennege waren.

Am August 1918 ginn esouwuel am Westen ewéi am Osten déi lëscht grouss Schluichten geschloen, déi all zu Gonschten vun den Alliéierten ausgin.

Den 3ten November 1918 ass an Deutschland den Opstand vun der Marin Den deutsche Késer muss ofdanken an d'Republik gëtt ausgeruff.

An dunn den 11. November 1918 d'Waffenstillstandowkommen. Ennerzéchnung am Bësch zu Compiegne.

Wat geschitt mat Déitschland ? Wien iwerhëllt Féierung vun engem Land wat zwar de Kriich verluer, hat awer nëtt esou grouss Zerstéierungen hat wéi Z.B. am 2te Weltkriich ?

Dofir gin ^{dunn och} ~~dunn~~ Deutschland an Eistreich zu heige Reparatiounscholden verurteilt. Verschidden Deeler vun Deutschland falen un Frankreich an ^{an} Belgien, aner Déler gi besat. Eistreich hat schon 1918 Ungarn verluer, wat selbstannege gou, a muss och nach Böhmen a Mähren un Tschechoslowakei oftrieden déi 1918 gegrënnt gi war. Südtirol an Istrien fâlen un Italien. Ungarn verléiert Slowakei an ~~en~~ Deel vun der Ukrain un Tschechoslowakei. De Bannat géht un Jugoslawien an un Rumänien wat och nach Siebenbürgen kritt.

Aus Serbien an Montenegro, aus Bosnien, Kroatien an Slovenien ensteet e Kinekreich dat vun 1929 un Jugoslavien genannt gëtt.

Mir gesinn also, dass de Kamédie an dé bluddeg Ausernanersezungen vun haut eng Follege sinn aus der wikürlecher Zesammensetzung vun sogenannte Länner iwert de Kapp ewech vun hirer Bevölkerung an éthneschgewussene Volleksgruppen. Et kann éen, haut behaupten, dass dat nët konnt op d'lang Weil richt ausgoen. *klar*

Wéi war et an Deitschland oder wat vun Deitschland nach bliwe war : Vun 1919 bis 1923 gëtt Deitschland vun ennerpoliteschen Onrouen an Putschversucher vu lénks oder rechtsgeriichten Gruppen hin an hir gerappt. Dé sogenannte Weimarer Republik hält nët duer an d'Inflatioun hëllt vun Daag zu Daag zou. Et kann ée baal soen vun Stonn zu Stonn. Enn Januar 1923 steet d'Mark zum Dollar 1 zu 4000.

Am November 1923 kascht éen Ee 320 Milliarden Mark, 1 Liter Mëllech 280 Milliarden, 1kg Gromperen 80 Milliarden, 1 kg Botter 5,6 Billiounen an 1 kg Brout 470 Milliarden.

D'Aarbechtslosegkeet steigt bis iwert 19 %, an Deitschland huet ongefeier 3,5 Milliounen Aarbechtsloser. Et besteet eng grouss Hongersnout, zemols fir d'Aarbechter an dei Pensiouneiert. D'Kruppwierker, z.B. Rheinhausen (och haut erëm am Gespréich) machen zou wëll d'Aarbechter nët mat engem 10 Stonnendaag averstane sinn. Natierlëch kommen d'Preisen nët no fir déi vun den Alliererten operluegten Reparatiounsscholden ze bezuelen. Dofir besetzen franséisch a belsch Truppen den 11. Januar 1923 d'Rheinland.

Vun 1924 - 29 verbessert séch awer d'Weltwirtschaftlaag e bëssen, *an besonnes* *zomal* an Deitschland. Frankreich a Belgien bremsen lues a lues d'Reparatiounsbedéngungen a raumen erëm bis 1925 d'Ruhrgebiet. D'Kriechsscholden ginn frësch verhandelt a verdéelt.

Awer no 1929 fängt erëm eeng grouss politesch a Wirtschaftskris un, déi zimlech d'ganz Welt erfasst. Si entsteet duerch eeng Iwerproduktioun an d'Saturatioun un europäeschen Opbau. Et kënt zu enger grousser Aarbechtslosegkeet an notgedrongen zu enormen Steieraussfäll an de Länner. Des Situatioun trëfft Deitschland ganz besonnesch. Si hunn bis Enn der 30er Joeren 4,4 Milliounen Aarbechtsloser a bis 1932 6 Milliounen.

Kée Wonner dass an dësem Klima Extremisten a Nationalisten ëmmer méi Zouläif aus dem Vollekskierper kréien. Esou och den Hitler. A vun 1931 un zeechent séch ganz deitlech de Wée of, déen den Hitler als Diktator un Spëtzt vun Deitschland bréngt. A wëll den Hilter jo awer och mat verantwortlech ass fir d'Verbriechen vun der Zwangsrekrutierung vun der lëtzebuerger Jugend, géiw ech an der nächster Emissioun och kurz dée Wée opzéechnen wéi den Hitler un d'Macht komm ass.

- Musek -

Animateur : Här Benoit den Här Weirich huet elograd zeréckgekuckt an déi Zeit nom 1. te Weltkrich. Wéi huet dann Diddeléng déi Nokrichszeit verkraaft ?

Benoit : D'Stadt Diddeléng hat d'Kriegsjoeren mat relativ kléngen Immobiliaschied iwerstanen, wat awer nët héescht, dass d'Leit nët mei oder manner enner der allemenger Liewensmëttelknappheet gelidden haten. Wéi mer jo an der eeschter Emissioun nach gesot haten, waren verschidde Betriber op der Schmelz vun Ufank November 1919 bis Ufank Januar zougemat ginn.

Wëll am Dezember 1919 e groussherzogleche Beschluss d' Aféierung vum Achtstonnendaag ouni Lounverloscht an der Eisenindustrie aféiert ännere séch zu Diddeléng och d'Aarbechtsgewunnechten.

Dréi Schichten zu 8 Stonnen mat ënger véierelstönneger Kaffispaus ginn algemeng geschafft an doduerch ännert och an de Betriber wo kontinuierlech geschafft gëtt dee bekannte "Laangen Tour" vu 24 Stonnen an 16 Stonnen, déen all 3ten Sonnden geschafft gëtt. Et gëtt dann och de Famillien erlabt an speziell de Kanner dem Papp Iessen op seng Aarbechtsplatz ze brengen. "D'Zopp droen" ass dat allemeeng genannt ginn. Am Brill ginn zousätzlech 60 Heiser gebaut.

Och Diddeléng leit 1920 ënnert der allgeménger Stohlkrisis. Wéns Koksmangel stinn nëmmen 2 bis 3 vu 6 Héchwien ënner Féier.

1920 gëtt d'Schwëmm am Schwarze Wée ageweit a wien nët schwamme kann därf nëmmen de Pillchen benotzen.

Kläppereien sinn nët selten a spéziel am Quartier hunn d'Italiener d'Messer schnell bei Hand. Dem demolegen Paschtoer Kuborn séng Aussproc ass an d'Geschicht agangen : " Wann Dir um 12 Auer am Bett leit, gidd dir nët um 1 Auer erstach. "

Krichsjoeren sinn och nët ouni Folgen un de Kanner eriwer gangen a schwächlech a gebréchlech Kanner gëtt et och zu Diddeléng. Fir dénen ze hëllefen oder och fir déi, dénen Elteren éng ustéhend Krankheet hunn an nët direkt an éng entspriechend Heelanstald kommen, gëtt Mayrisch Wunnéng déi am Krich als Lazarett gedéngt huet Ufanks 1921, an éen Kannerheem mam Numm "Kreizbiereg" emfunktionnéiert.

Een historisch Erëgness aus dem Joer 1921 ass de Streik op der Schmëlz. Well zu Defferdang an zu Rodange Aarbechter entloss ginn kënt et do zum Generalstreik déem sech och Diddeléng de 4. März uschlësst. Well mir deemols nach fransésesch Okkupationstruppen héi haten déi och fir d'Oprechthalen vun der Uerdnung verantwortlech waren hu sie zesummen mat lëtzebuenger Zaldoten fir d'Bewachung vun der Schmëlz gesuert. D'Shmëlz blouw vum 5. bis 18. März zou. D'Stoll an d'Walzwierk hu guer nët geschafft an d'Hecheewen just um brenne gehälen. Den 16. März waren erëm gréisser Usammlungen vu Fräen a Steikenden déi dunn duerch Gardarmen op Pärde aussenaner gedriewe gouwen. D'Wiertsheiser hu missen während de Streikdéeg um 8 Auer owens zomâchen.

Och Diddeléng, profitéiert vum Wirtschaftlëchen Opschwong. Déi âl Héchwien ginn duerch 3 neier ersât mat 23 m Hécht an 6 m Uewenduerchmesser. Déi schwéer Aarbecht "an der Roulage" gëtt moderniséiert an an Greisendahl éen neit Blechwalzwierk mat enger Verzénkereie opgericht. Am Brill kommen nach éng Kéier 40 Aarbechterwunnéngen derbei. An 1927 firt endlech den Tramm vu Diddeléng iwert Kéel op Esch. 1928 kéeft d'Gemeng d'Schlass De Bertier fir do Stadthaus opzerichten an den elektrësche Strom kennt an d'Heiser.

1930 brécht dann och d'Stohlkrisis iwert Diddeléng eran. D'Stohlproduktioun op der Schmëlz hëllt stark of genau wéi och d'Zuehl vun den Aarbechter. Vun 4202 Beschäftegter am Joer 1929 bléiwen der 1932 nach 2.686. Dât ass ée Minus vun 1516 Persounen. Och Stohlpriesser fâlen, an 1930 schreiwte d'Arbed roud Zuehlen. (genau wéi haut)

D'Léin an Gehälter ginn em 3,5 an 9,5 % gekirzt an ët gi kéng Gratifikatiounen ausbezuelte. D'Loyéen ginn erof an den Heiserverkâf fällt op Null. An de Gallerien ginn 240 Aarbechtsplätzen ofgebaut an d'Gemeng léisst Notstandsarbechten ausféeren a beschäftegt esou 203 Aarbechtslosen.

Mat Verschärfung vunn der Krisis gi wéidder Aarbechter entloss haapt-sächlech Auslänner a Féierschichten ageluecht. D'Fuesend 1932 därf sech nët verkleed ginn.

Den 2. August 1933 sollen d'Diddelénger och den "Hitler" kenne léieren. An éng Versammlung um 6 Auer am Lokal Marie-Oster sinn déi zu Diddeléng usässeg Deitscher agelueden. Et soll éng Obklärongsversammlung vun der "Nationalsozialistischen Deutschen Arbeiterpartei" sinn déi zu Lëtzebuerg erlabt ass. Versammlung fänkt vill méi spéid unn wëll nët will Deitscher kommen an virum Haus Diddelénger dergéngt manifestéieren a protestéieren. 4 Gendarmen an 2 Polizisten versichen Kläppereien ze verhënneren a schliesslëch verbidd de Schëffen Nic Bieber Versammlungen vun der Nazi-Partei an erklärt d'Versammlung fir opgehewen. Diddelénger machen och 1933 dichteg bei der Marken-Schieberei mat an an éngem Moment waren 12 Diddelénger an Deitschland inhaftéiert.

Och d'Faschisten wëlle sëch zu Diddeléng weisen a fir den 8. August 1933 soll ée faschistesche Cortège an Italien an op Tattebiërg organiséiert ginn. Den Organisator ass Sociéité des Anciens Combattants Italien. D'Geméngeverwaltung verbidd awer kurzerhand dës Manifestatioun. Kanner vun Italiener ginn an d'faschistesche Italien an d'Vakanz geschéckt a kommen mat komeschen Uniformen erëm.

Fir déi jugendlëch Aarbechtslosen bis zu 21 Joer vunn der Stross ze halen ginn sogenannt "Aarbechtskurser" ofgehalen. Dëschtes, Donneschens a Samsdeg vun 2 bis 5 Auer. Um Programm stinn : Bürgerkunde - Turnen - Sport - Zéchnen - Wirtschaftskunde a Besichtigong vun Atelién a Fabriken.

Vun 1936 un verbessert sëch d'Allgeméng Wirtschaftslag. Zwar ginn nach ëmmer Notstandsarbechten ausgefoert esou d'Bach-Iwerdeckung am schwarze Wé an d'Vergrësserung vum Kirfech. D'Arbed fänkt erëm un Gratifikatiounen un d'Beamten auszebezuelen. D'Léhn a Præme'en ginn erop gesat. Halleffaschtesonnden gëtt éng Kavalkad organiséiert. Och zu Diddeléng stëmmen méi Leid géngt d'Maulkuerfgesetz als derfir.

Vun 1938 werfen och Krichsgeforen hire Schied op Diddeléng: De Luftschtz gëtt organiséiert a verschidden Kommissiounen agesat : Wei Brand - an Opraumungskommissioun, Evakuéerungskommissioun ënner anerem. Um Arbed Terrain ginn 37 Luftschtzreim fir 1.700 Mann agericht. Awer och d'Unofhänegkeetsféieren 1939 ginn zu Diddeléng mat villem Opwand a Succes organiséiert.

Den 1. September 1939 ass en Deitschen Iwerfall vu Polen an an der nächster Emissioun schwätze mir iwer Diddeléng am 2te Weltkrich.

Animateur : Domadde ass ons heiteg Sendung um Enn a mir kommen erëm den nächste Ménden.